N°3353
Entrée le 17.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3353 du 17 décembre 2025 de Monsieur le député Ben Polidori au sujet d'un problème technique auprès du fournisseur d'authentification Luxtrust**

*Wéi kann et sinn, dass sech dës Stéirung scho sou laang zitt obwuel d'Ursaach bekannt ass?*

*Wat ass déi genau Ursaach vun däser Stéierung?*

*Wat gedenkt d'Regierung ze maachen fir sou eppes an Zukunft ze verhënneren?*

*Misst de „Monopolstatus" vu LuxTrust an dëse Momenter net hannerfrot ginn?*

An der IT-Infrastruktur vu LuxTrust ass et en Dënschdeg de 16. Dezember 2025 géint 15:20 Auer zu engem techneschen Incident komm. Laut LuxTrust kann eng Cyberattack ausgeschloss ginn. D'Ursaach vum Incident ass den materiellen Ausfall vun enger technescher Komponent um Niveau vum Stockage vun den Donnéeë.

Am Normalfall hunn esou Incidente keen Impakt no baussen, well se vu multipele Redondance-Systemer opgefaangen ginn, déi justement dofir en place sinn. An dësem Fall huet d'Redondancemechanismen op der Hardwaresäit funktionéiert, par contre huet eng Softwarekomponent, déi bei LuxTrust als zousätzlech Redundanzmechanismus agesat gëtt, versot.

Dëst huet dozou gefouert, datt verschidden Datebanken net méi disponibel waren. Well de Fournisseur vun der Softwarekomponent vum Stockage de Problem net konnt kuerzfristeg behiewen, hunn déi technesch Equippen iwwert d'Nuecht op e Mëttwoch ee komplett neie Stockage en place gesat an iwwert Backupen d'Datebanke progressiv nei opgespillt. Déi enorm grouss Datenvolumetrie expliziéiert, datt dëse Prozess laang gedauert huet.

Déi éischt Servicer sinn an der Nuecht op e Mëttwoch de 17. Dezember 2025 erëm live gaangen. Déi aner Servicer, ewéi d'Authentifikatioun, d'Signature électronique, de Portail vun den Enseignanten, Multiline, 3D Secure asw. gi progressiv ab dem fréien Nomëtteg vum 17 Dezember 2025 nees disponibel.

Well d'Authentifikatiounsservicer vu LuxTrust essenziell fir de Fonctionnement vun der digitaler Ekonomie vu Lëtzebuerg sinn, ass et wichteg un der Resilienz vun deene Servicer ze schaffen. Nodeems Luxtrust déi néideg Analyse virgeholl huet wäert d'Regierung déi entspriechend Conclusiounen zéien. LuxTrust kann de finanziellen Impakt à ce stade nach net bezifferen.

Luxembourg, le 17/12/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles